Lëtzebuerger

# duerf

fir e chrëschtlecht a sozialt Engagement

JB

JW

# Léif Frënn alleguer,

de leschte Leitartikel fir Chrëschtdag hat ech ofgeschloss mat dem Saz „an e gudde Rutsch an d'Joer 2012". Elo si mer dran.

Erlaabt mer dass ech dësen ufänke mat engem Merci un den **Abbé Léon Wagener**, dee bis elo sech mat mir ofgewiesselt huet fir de Leitartikel an dës Zäitschrëft ze schreiwen, deen elo ganz aner Chargen am Bistum huet wou ech him, wou mir him alleguer, eng glécklech Hand wënsche fir déi grouss pastoral Aufgaben, déi op d'Kierch vu Lëtzebuerg zoukommen, an eng gutt Richtung ze féieren. Hie brauch dofir eis Sympathie, eist Gebiet an eise gudde Wëlle fir ze lauschtere wat en eis seet, fir ze verstoe wat e mengt an et no eise beschte Méiglechkeeten och an d'Realitéit z'iwwersetzen.

Ech begréissen och ganz herzlech den **Abbé Romain Richer**, deen a seng Plaz könnt. Mir wënschen him all Guddes, besonnesch awer dem Herrgot säi Sege fir elo a fir d'Zukunft. Du bass wëllkomm!

Dëst Joer huet ugefaang, den 1. Januar wéi ëmmer mat de Freedefeieren, mat de Knupperten an dach ass et en Dag, den 1. Januar, dee ganz speziell ass. Firwat ass e speziell? Mä aus verschidden Ursaachen.

Fir d'éischt ass et emol déi **'45. journée mondiale pour la paix'**, déi dëst Joer ënnert dem Vokabel steet **„éduquer les jeunes à la justice et à la paix"**. Wat e Programm! E Programm, deen eis ganz bestëmmt e ganzt Joer laang beschäftege kënnt fir driwwer nozedenke wéi mir, mat deene Jonken zesummen, op där Plaz wou se stinn, mat deene Méiglechkeeten déi se hunn, ze probéiere, rëm eng Kéier an eis Welt Prinzipie vun der Gerechtegkeet a vum Fridden sou anzeschreiwen, datt se net nëmme Wierder bei de Sonndesriede sinn oder a Leitartikelen, mä datt se tatsächlech zu engem Besoin vun all Mënsch ginn, dee seng ganz Energie asetzt fir dës zwee grouss Wäerter vun eiser Gesellschaft ze realiséieren.

Déi Jonk an déi Al sinn opgeruff fir sech anzesetze fir d'Gerechtegkeet. Mir kennen alleguer d'Evolutioun vun dësem Begréff vu Gerechtegkeet iwwert d'Jordausenden, vun enger ‚loi du talion': Aug um Aug, Zahn um Zahn, bis zu deenen éischte Gesetzgebungen, (z.B. ‚10 Geboter') iwwert de code Napoléon bis haut, wou mer erliewen dat ganz vill, a ganz oft vun de Rechter vun de Kanner, de Rechter vun de Jugendlechen, geschwat gëtt an dat ass richteg a gut, well se sinn laang genuch mat Féiss

**Bonne année**



**2012**

getréppelt ginn. Elo gëtt och ganz oft vergiess vun de Flichte vun de Kanner an de Flichte vun de Jugendlechen ze schwätzen. D'Elteren, d'Erzéier, kënnen net Sklave vun de Kanner an de Jugendleche sinn, mä sollen déi sinn déi si mat gudder a mat fester Hand begleeden an hinnen d'Chance ginn, d'Liewen an eiser Gesellschaft déi ganz oft haart ass, ze meeschteren, ouni datt se bei deem geréngste Widderstand esou d'Rad schloen, datt se net méi opkommen.

Loosse mer hinnen hëllefe Wäerter z'erkennen, loosse mer hinnen hëllefe fir eppes anzestoen, loosse mer hinnen hëllefen sech selwer ze fannen an hir Plaz an dëser Gesellschaft.

Dann, jo da komme mer och där zweeter Saach, dem **Fridden**, e bëssche méi no. Fridden ass jo net nëmme kee Krich zwëschen de Länner. Sou eng Zäit kennen ech net. Seit ech op der Welt sinn, an dat ass jo alt schon eng Rëtsch Joeren, war nach ëmmer iergendwou Krich op der Welt. An och haut ass dat esou. A mir hei zu Lëtzebuerg, ginn eis guer net Rechenschaft driwwer wat dat heescht, datt mir lo sou laang, 70 Joer an driwwer, ouni Krich liewen. Wéi dankbar mir duerfir misste sinn, dat brauch ech wuel kengem ze soen, deen de leschte Krich nach matgemaach huet, oder wéinegstens vu sengen Elteren oder Grousselteren erzielt kritt huet, wat do lass war. Mä dat wëll ech awer all deene soen, déi eben, sou wéi dat an Däitschland genannt ginn ass „Gnade der späten Geburt".haten. Déi also näischt méi dervu matkritt hunn, déi lo am Fridde liewen an dëse Fridde ganz oft op d'Spill setze, well se dee grousse Wäert dervun net méi sou richteg erkennen oder spieren.

Fridden dee geet un bei sech selwer. „Du sollst den Nächsten lieben wie dich selbst". Nëmme wann ech zu deem sti wat ech sinn, nëmme wann ech bereet sinn meng Fehler, meng Schwächten, meng Naupen, awer natierlech och meng Talenter a Fäegkeeten, meng Kompetenzen, unzehuelen a se nëtzbar ze maachen, d.h. dat eent sou gutt wéi ech kann op e Minimum ze reduzéieren, dat anert mat där selwechter Energie probéieren ze valoriséieren an auszebauen zum Wuel vun der Gesellschaft, zum Wuel vu mir selwer. Esou hëllefen ech de Fridden an der Familljen, op der Aarbechtsplaz, an der Fräizäit, am Land, an Europa, an der Welt, duerchzesetzen. Eng Aufgab déi onheemlech ass an déi, sou mengen ech, mir ganz schwéier fäerdeg bréngen.

Mir brauchen also duerfir en Unhaltspunkt an dee bitt eis eis Relioun. **Den 1. Januar ass nämlech och den Dag vu Maria, der Mutter Gottes.** En Dag, wou mer eis also solle bewosst ginn datt eng nei Ära ugefaang

*Fortsetzung op der Säit 2*

# Journée sociale 2011

An der letztjährigen von der Commission diocésaine Diaconie et Caritas in der Maison d'Accueil des Soeurs Franciscaines veranstalteten Journée Sociale im November nahmen mehrere KMA-Vorstandsmitglieder teil. Auf dieser Tagung mit dem Motto „Chrëscht a Bierger" referierte die Sozialethikerin Dr. Ulrike Kostka vom Deutschen Caritasverband. In einem Vorwort im LW zitierte Erzbischof Jean-Claude Hollerich Papst Benedikt XVI.: „In der ‚Enzyklika Deus Caritas est' heißt es: Als Staatsbürger sind sie berufen, persönlich am öffentlichen Leben teilzunehmen. Sie können daher nicht darauf verzichten sich einzuschalten „in die vielfältigen Initiativen auf wirtschaftlicher, sozialer, gesetzgebender Ebene".

In ihrem Referat mit dem Titel „Nächstenliebe von der Suppenküche zum politischen Engagement. Christen übernehmen Verantwortung in der Bürgergesellschaft." forderte Dr. theol. U. Kostka uns auf, nicht nur barmherzige Samariter zu sein. Die Nutznießer von sogenannten Suppenküchen dürfen aber nicht in eine Abhängigkeit geraten, sondern sollen aktiv an der Änderung ihrer sozialen Rahmenbedingungen teilnehmen. Jedoch ist der Einsatz für Benachteiligte als Nächstenliebe nur möglich wenn wir den andern so annehmen wie er ist. Unsere verantwortliche Einmischung in die Zivilgesellschaft darf nicht dazu führen, dass der Staat sich aus der Verantwortung entlassen fühlt und Elemente des bürgerlichen Engangements als Lückenbüßer für Dienstleistungen im Sozialsystem nutzt. Im politischen Engagement – die Kirche kann sich nicht an eine Partei binden – muss die Kirche unbequem sein. Politisches Handeln und die Bereitschaft Verantwortung zu übernehmen ist eine Pflicht der Christen und ebenfalls der Kirche, die einen Auftrag habe im Sinne des Reiches Gottes.




Die Moderatorin Mireille Sigal vom Service Diocésain de Diaconie rief dann die Teilnehmer auf sich zu einem Rundtisch zu begeben um dort mit sechs Verantwortlichen, welche vorher ihr christliches Engagement erläutert hatten, das Thema „Chrëscht a Bierger" zu besprechen. Jeweils nach 20 Minuten mussten die Teilnehmer sich in eine andere Diskussionsrunde begeben.

Die sechs Verantwortlichen waren: Erzbischof Jean-Claude Hollerich – unnötig zu sagen, dass dort der Andrang immer am größten war -, Dr. Ulrike Kostka, Abbé Jos. Weisgerber aus dem Pfarrverband Roeserbann, Gründer der Initiative ‚Ënnerdach a.s.b.l.' in Differdingen, Agnès Rausch, Infirmière-assistante sociale, Staatsrätin, Mitglied im CVX, Leiterin des LISEL (Beratung und Hilfe für Studenten), Diane Adehm, Économiste, Abgeordnete, Gemeinderätin in Hesperingen, J.P. Schmit, Präsident des Katholikenrates. Für ihn gibt es im sozialen Engagement der katholischen Kirche in Luxemburg acht Handlungsfelder: Not sehen und Handeln, für das Leben lernen, Arbeit anerkennen und fördern, zum Miteinander in der einen Gesellschaft beitragen, Familien- und Lebensfragen ansprechen, Mithelfen, dass Wohnen erschwinglich wird, umweltgerecht und nachhaltig handeln, an der einen Welt mitarbeiten.

Die Tagung beschloss ein Gebet von Erzbischof Hollerich und der Gesang der Lieder ‚Ubi caritas' und ‚Ne rentrez pas chez vous comme avant'. Zur Stärkung begaben wir uns in das Refektorium der Schwestern. Die Mahlzeit mundete, allerdings war die Suppe aus ihrer Küche etwas zu knapp bemessen.

***W. Fuchs***

**Un cycle de formation**

***Cardijn***

suivant la méthode

voir – juger – agir

est offert par le CPMT

(Centre de Pastorale en Monde du Travail)

au Centre Convict

5, Avenue Marie-Thérèse Luxembourg

à partir de janvier 2012

La formation propose un parcours de recherche et de (re)découverte de la foi chrétienne en tenant compte de la société pluriculturelle dans laquelle nous vivons.

Pour plus de renseignements: Frank Dimmer: Tél. 44 743 545

*Schluss vum Leitartikel*

huet mat deem Chrëschtdag wat mer gefeiert hunn, eng nei Zäitrechnung. Eng nei Zäitrechnung, déi doropper grënnt, datt eng jonk Fra, deemools zu Nazareth, **Jo gesot huet**, bereet war den Challenge unzehuelen, net nëmme fir een Dag, net nëmme fir eng Woch, mä fir e ganzt Liewen, dat se net konnt virausgesinn. Maria war bereet eng Familljen ze grënnen, déi eng ganz speziell Familljen ass. Speziell an deem Sënn datt se um Rand vun der Gesellschaft gelieft huet, datt se ausgeschloss war vun der gudder Gesellschaft, datt dat neigebuerent Kand scho vun Ufank un mat der Gesellschaft ze kämpfen hat. Maria huet dat alles an hirem Häerz beduecht. Mir sollen et och bedenken. Mir solle bedenken datt aus deem Kand, dat do op d'Welt komm ass, duerch de Jo vu Maria mir alleguer opgeruff sinn, eben ze probéieren eist Bescht ze maache, fir dësem Kand a senger Botschaft, déi mer déi gutt Noriicht nennen, z'entspriechen.

Dat ass jo am Fong geholl dat wat mer wëllen. Et ass dat wat eisen Här Äerzbëschof eis mat op de Wee gëtt: **Annuntiate**. Mir sollen dës Botschaft verkënnegen, an dat wa méiglech eben net nëmmen a Wierder mä duerch all dat wat mer maachen, an esou siichtbar maache, wat déi Botschaft an der Welt vun haut bedeite kann. Eis Matmënsche mussen an eis kënnen erkenne, wéi grouss d'Léift vum Herrgott zu all Mënsch ass. Eis Matmënsche mussen an eisem Handele gesi, wat mir ënnert dem Räich Gottes verstinn. Dobei ka Maria, d'Mamm vum Jesus, eis hëllefen. Dat jiddefalls wënschen iech, a jidderengem vun eis, egal wou mer stinn, ob mer täteg sinn an engem Veräin oder net, ob mer staark sinn oder schwaach, Fra oder Mann, mir sinn allеguer beruff eisen Deel derzou bäizedroen datt lues a lues dëse Kaddo, dee mer vu Gott gemaach kritt hunn, zu engem Kaddo gëtt fir all Mënsch.

An deem Sënn wënschen ech iech alleguer e fruchtbart a geseent Joer 2012.

***Fernand Huberty***

*Jongbaueren- a Jongwënzerdag 2011*

# Mir sinn d'Zukunft vun der Lëtzebuerger Landwirtschaft

*Usprooch vum Jeff Boonen, neie President vun de LJB&JW*

***Léif Éieregäscht,***
***Dir Dammen an Dir Hären,***

Et ass fir mech eng grouss Éier, haut den Owend hei als neie President vun de *Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer* virun lech ze stoen.

Fir unzefänken wëll ech dem Christian Merci soen, fir d'Aarbecht, déi hien déi lescht 4 Joer an der Fonktioun vum President vun eiser Organisatioun geleescht huet.



*Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer – Grupp Zuucht*

## Studierees an Ostdäitschland

Zesumme mat de ***Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer*** organiséiert de ***Grupp Zuucht*** vum ***31. Mäerz bis 3. Abrëll 2012*** eng Studierees an Ostdäitschland (Rostock an Ëmgéigend).

Um Programm vun der Rees si folgend Visite virgesinn:

- Landwirtschaftsberatung Mecklenburg-Vorpommern (*www.lms-beratung.de*)
- Untersuchungseinrichtung für Landwirtschaft und Umwelt in Mecklenburg-Vorpommern (*www.lms-lufa.de*)
- Besamungsstation Woldegk (*www.rinderzucht-mv.de*)
- Karls Erlebsnis-Bauernhof (*www.karls.de*)
- Landwirtschaftlech a Mëllechvéi-Betriber an der Ëmgéigend vu Rostok

Doniewent treffe mir äis mat Jongbaueren a Jongziichter aus Mecklenburg-Vorpommern.

Op touristeschem Plang ass en Tour an de Staddeel Warnemünde vu Rostock an op d'Ostsee geplangt.

Déi Intresséiert kënnen sech um Tel. 691 836 813 mam Christophe Majerus, President vum Grupp Zuucht, a Verbindung setzen oder hir Umeldung direkt per E-mail iwwer *landju@pt.lu* eraginn.

De Christian huet et verstan, fir d'Landwirtschaft a – virun allem – d'LJB&JW gutt dobaussen ze vertrieden. An den Diskussiounen rondrëm d'Agrarpolitik konnt hien ëmmer ganz gutt mat praktesche Beispiller ennerleeën, wat fir eng Auswierkungen déi verschidde politesch Mesuren op d'Betriber hunn. Hien huet mat Leif a Séil matdiskutéiert an hat keng Angscht, riicht eraus ze sinn – dëst och a Präsenz vun de politische Responsablen.

A verschiddenen Artikelen an der Press, wéi am *Lëtzebuerger Wort* oder an der *Revue*, huet hien e ganz positiven Androck vun de jonke Baueren a vun der Lëtzebuerger Landwirtschaft hannerlooss. Dëse representative Rôle huet hie ganz gutt duerchgefouert.

De Christian engagéiert sech elo – wéi vill vun eise fréieren an aktuelle Memberen – op kommunalem Plang. Eng ganz Rei vun hinnen üben an de Gemengen- oder Schäfferéit uechter d'Land e Mandat aus. Nom Engagement an eisen Associatiounen stellen si sech weiderhin an den Déngscht vun der Allgemengheet. Mir wënschen deemno och dem Christian vill Succès a Satisfactioun a senger neier Fonktioun als 2. Schäffe vun der Gemeng Ell.

Christian, am Numm vum Nationalkomitee vun de *Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer* soen ech dir a ganze grousse Merci, fir däin Asaz am Intressi vun eiser Jugendorganisatioun. Huel dës béid Kaddoen als eis Unerkennung fir deng wäertvoll Aarbecht un…

Mir wëssen dass du immens frou bass mat séieren Autoen. Dofir hu mir hei e Bong fir mat engem *Aston Martin* um Nürburgring matzefueren. Fir datt dir an deem Auto awer näischt geschitt, kriss du e professionelle Chauffeur, dee mat dir iwwer d'Pist flitzt! Doniewent soll dësen Aktekoffer – mat Blat a Bic – dir hëllefen, fir dir deng Aarbecht op der Gemeng ze vereinfachen. Domat misst du eigentlech ëmmer alles prett hunn, wanns du an d'Versammlungen gees…

***Dir Dammen an Dir Hären,***

***Léif Memberen a Frënn vun de Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer,***

An Zesummenaarbecht mam Präsidium a mam Nationalkomitee vun de *Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer* well ech probéieren, fir mech an deenen nächste Joren am Sënn vun der Lëtzebuerger Landwirtschaft a fir d'Intressien vun de jonke Baueren anzesetzen. Et ass mir en Uleies, fir mat all de landwirtschaftlichen Organisatiounen un engem Strang ze zéien, fir dem Zil vun enger nohaltiger Landwirtschaft zu Lëtzebuerg méi no ze kommen.

## Schwiereg Loun-Situatioun

Zu Lëtzebuerg si mir an enger spezieller Situatioun. Duerch dee riesege Wuesstem, dee mir déi lescht Joerzingten erlieft hunn, sinn d'Léin ëmmer méi héich ginn. Parallel dozou ass d'Liewen ëmmer méi deier ginn.

Déi héich Léin bedeite fir d'Betriber, datt si vill méi héich Personalkäschten hunn, wéi hir Kollegen am Ausland, mat deene si an der Mëllech-, Fleesch- a Käreproduktioun konkurréieren. Duerch Globaliséierung sinn d'Betriber gezwongen ëmmer méi grouss ze ginn, sou datt sech irgendwann Personalfroen stellen. Duerch déi héich Lounkäschten ass et awer bal net méiglech fir Fachkräften anzestellen oder op extern Servicer zréckzegräifen. De Bauer bleift op senger Aarbecht setzen, wat weider Problemer mat sech zitt.

Dëse Punkt ass eng grouss Erausfuerderung fir d'Lëtzebuerger Landwirtschaft. Et wäert ëmmer méi wichteg ginn, fir sech mam Thema ze beschäftigen. Et muss bei deenen zoustännegen Instanzen gekuckt ginn, wéi de Problem op politeschem Niveau ugepakt ka ginn. Et gëtt natierlech hei am Land scho méi Bäihëllefe, wéi am Ausland. Ech froen mech awer, ob Investitiounsbäihëllefen, Prime fir Landschaftspfleg an Agrar-Ëmweltmoossnamen hëllefen, fir dëse soziale Problem ze léisen. Vläicht musse mir dofir an Zukunft iwwert eng aner, nei Form vu Bäihëllef an der Lëtzebuerger Landwirtschaft nodenken, fir de Betriber entgéint ze kommen.

## Entscheedungen am Intressi vun de jonke Baueren ugoen

Mat der Agrarreform an domat dem Opstellen vun engem neien Plan de développement rural kommen mir elo an eng décisive Phase. Et ass wichtig, datt d'Entscheedungen um europäischen an och um nationalen Niveau am Intressi vun de jonke Bauere getraff ginn. De Generatiounswiessel muss eng Prioritéit vun all neier Agrarpolitik sinn, wann ee bedenkt, datt am Moment nëmme 5 Prozent vun de Lëtzebuerger Baueren manner ewéi 35 Joer al sinn. ***Mir sinn d'Zukunft vun der Lëtzebuerger Landwirtschaft*** a mussen e stabilen agrarpolitische Kader virfannen, an deem mir laangfristig Decisiounen huelen an eis Betriber nohaltig plangen a gestalte kënnen.

An dem Sënn begréissen mir natierlech d'Propositioun vum EU-Agrarkommissar Dacian Cioloş. Si gesäit bekanntlech vir, datt d'Betribsprime déi éischt 5 Joer no der Betribsiwwernahm vum jonke Bauer, 25 Prozent méi héich ausfällt, wéi bei engem aneren. Mir froen äis awer, ob et richtig ass, fir dës Bäihëllef un d'Betribsprime ze koppelen. Fir onnéidegen Drock op d'Fläch ze verhënneren, wir et eiser Meenung no besser, de jonke Baueren dës Prime ongekoppelt auszebezuelen – deemno esou, wéi bei der Installéierungsprime.

Wéi d'Thema vum Owend et undeit, si mir als Jongbaueren guer net ofgeneigt fir Ëmweltschutz ze bedreiwen. Mir si bereet – géint finanziell Kompensatiounen – Naturschutz op deene Flächen ze realiséieren, déi wierklich ekologesch wäertvoll – an um landwirtschaftleschen Niveau, vu sech aus, manner produktiv sinn. An dem Sënn kënne mir de Virschlag vun der EU-Kommissioun net ënnerstetzen, dee virgesäit, datt 7 Prozent vum Ackerland als ekologesch Virrangfläch genotzt soll ginn, wann een an de Genoss vun enger 100-prozenteger Betribsprime wëll kommen.

Firwat wäertvollt Ackerland extensivéieren – respektiv brooch leeën – wa mir als Gringlandstanduert vill ekologesch wäertvoll Flächen am Dauergringland hunn? Mir géifen et och begréissen, wann de Greening gestaffelt géif ginn an et net einfach géif heeschen, datt 70% oder 100% vun der Betribsprime ausbezuelt ginn.

Dat sinn eis éischt Iwwerleeungen zur Agrarreform 2013. Méi spéit am Owend wäert Dir nach aner Iddien héieren, déi eiser Meenung no an Zukunft wichtig sinn, fir eng nohaltig Landwirtschaft hei zu Lëtzebuerg ze erméiglichen.

De Moment ass awer elo komm, fir de Micro un den Här Erzbëschof Jean-Claude Hollerich weider ze ginn. Nom ugekënnegte Grousswuert vum Här Erzbëschof stelle mir de Projet vir, dee mir am Laf vum Joer an Zesummenaarbecht mam Oeko-Zenter Lëtzebuerg duerchgefouert hunn an dee vun engem däitsche Bureau d'étude geleet gouf. Well dëse Projet mëttel- a laangfristeg Fuerderungen op agrarpoliteschem Plang enthält, hu mir keng Stellungnahm an der klassischer Form virbereet. No der Virstellung an der Diskussioun zu dësem Projet gi mir d'Wuert un den Délegéierten Ëmweltminister Marco Schank an un de Landwirtschaftsminister Romain Schneider.

***Dir Dammen, Dir Hären,***
***ech soen Iech Merci!***

---

*Lëtzebuerger Landjugend*

# Landjugendkalenner 2012

Mir weisen drop hin, datt eng nei flott Oplag vum Landjugendkalenner fir d'Joer 2012 virläit an elo bestallt ka ginn:

um Tel. 44743 – 252, iwwer E-mail: landju@pt.lu
oder mat Hëllef vum Bestellungsformular,
deen ënner www.jongbaueren.lu ze fannen ass.

**Präis pro Kalenner: 20,00 €**

No der Iwwerweisung op de CCPL-Kont
vun der Lëtzebuerger Landjugend a.s.b.l.

**IBAN LU17 1111 2311 3177 0000**

kritt Dir de Kalenner an deene beschten Delaien
mat der Post heem geschéckt.
Vermierk: Landjugendkalenner 2012



*Jongbaueren- a Jongwënzerdag 2011*

# Am Kompromëss viru kommen

## *Iwwerleeungen vum Jean-Michel Neser, Member vum Präsidium vun de LJB&JW*

***Dir Dammen an Dir Hären,***




Éier ech zu mengen Iwwerleeunge kommen, wëll ech dem Här Théid Faber Merci soen, fir seng Wierder a seng gutt Zesummenaarbicht am Kader vum Projet *Handlungspisten zu einer nachhaltigen Landwirtschaft in Luxemburg*.

Dir krut elo e flotte Projet virgestallt, mat deem mir an Zesummenaarbicht mam *OekoZenter*, Denkustéiss an Impulser fir eng nohaltig Landwirtschaft zu Lëtzebuerg ginn.

Am Numm vun de *Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer* wëll ech elo kuerz op e por Punkten agoen, déi äis am Dialog mam OekoZenter wichtig waren a weiderhi sënn. Fir äis ass et kloer, datt eis Zukunft an der Landwirtschaft läit. An dësem Beruf wëlle mir selbstständig, unternehmerich an och nohaltig schaffen.

Eis Motivatioune fir an der Landwirtschaft ze schaffen sinn - ënner anerem – d'Land, dat mir bewirtschafte kënnen an op deem mir Liewensmëttel produzéieren. Un deemselwichte Land weisen awer och nach vill aner Lekt hiren Intressi. Eis Gesellschaft brauch ëmmer méi Haiser, Industriezonen a Stroossen. Dat ass eis Realitéit. Datt d'Landfläch ëmmer mei knapps gëtt, spiere mir op eise Betriber ganz gutt. Weder ech nach mäi Papp kënnen sich drun erënneren, datt de Pacht- oder Kafpräis eng Tendenz no ënne gewissen hunn. An dobäi ass alles un d'Landfläch gebonnen: d'Recolte, eis Primmen, déi pro Hektar ausbezolt ginn, eise Véibestand gegliddert un d'Hektarzuel, …

An eiser Wirtschaft, déi op Wuesstum baséiert, sënn och d'Bauere gezwongen, sech ze verbesseren an ze vergréisseren, wann si bestoe wëllen. Äis ass et kloer: Fir de Betrib virun ze entwéckelen a fir e *Revenu comparable* ze erwirtschaften, musse mir dat Land, wat mir zur Verfügung honn, an Zukunft nach besser notzen – oder annischt ausgedréckt – mir mussen intensivéieren!

Op där anerer Säit beroden d'Naturschützer driwwer, wéi een eis Natur schützen kann. Fir si ass et kloer, datt et nach méi extensiv Fläche muss ginn. Dat heescht, datt der Landwirtschaft nach méi Fläche verluer ginn oder datt si an hirer Produktioun mat Oploen ageschränkt gëtt.

Dat si Verloster fir eis Baueren, déi kompenséiert musse ginn. Zousätzliche Naturschutz muss sech fir äis lounen. D'Lëtzebuerger Betriber produzéieren och fir de Weltmaart a stinn a Konkurrenz mat Baueren aus Länner, wou den Drock vum Naturschutz méi kleng ass. De Maart bezillt den Naturschutz also nik. Naturschutz ass deemno nëmme méiglech, wann de Mehropwand vum Lëtzebuerger Konsument oder Steierzueler iwwerholl gëtt.

Den Drock op déi landwirtschaflech Flächen - deen duerch den Naturschutz ëmmer méi grouss gëtt – stellt fir äis eng grouss Motivatioun duer, fir mam OekoZenter – deemno mat de Konsumenten an Naturschützer zesummen ze schaffen an nik op Reglementer ze waarden, déi eis Intressien nik genou berücksichtigen.

Zesumme mam OekoZenter konnte mir verschidde Kompromësser fannen, déi äis et erlaben, eis Flächen deelweils ze intensivéieren ouni den Naturschutz anzeschränken, mee esouguer ze ënnerstëtzen. Hei engt Beispill: Eng organisch Düngung do intensivéieren, wou et sënnvoll ass, dat reduzéiert insgesamt d'Quantitéit vu mineralischem Dünger an zousätzlech den organischen Dünger op méi extensiven Flächen.

An deem Sënn si mir och frou, datt mir e Kompromëss mam OekoZenter fonnt hunn, wat eng zukünftig Landschaftspflegeprime betrëfft. Mir sinn äis bewosst, datt d'Konditiounen fir dës Prime ze kréien méi streng ginn well déi deelweils bestehend Konditiounen un de Greening wäerte gebonne ginn. Et ass fir äis wichtig, datt esou eng Prime flexibel iwwert e gestaffelten Punktesystem gehal gëtt, an esou nik onnéidig Drock op d'Betriber gemaach gëtt wann eng bestëmmte Konditioun nik erfëllt ass.

Esou Initiativen passe genau an d'Konzept vun eisem Projet Nachhaltige Landwirtschaft. Dës Iddien bréngen eis Baueren an de Schutz vun der Natur zesumme virun.

An esou Iddien ho mir an eisem Projet nach méi fonnt. Zum Beispill: D'Verbesserung vun der lëtzeburger Eewäissversuergung duerch den Ubau vu Leguminosen ass en Thema, dat äis an Zukunft beschäftige wäert. Aner Iwwerleeungen ginn an d'Richtung fir d'Groussregioun mat regionale Qualitätsproduiten vun eiser Landwirtschaft ze iwwerzeegen. Dat ass eng schwierig Aufgab, dei mir nik eleng bewältige kënnen, déi eiser Landwirtschaft awer vun direktem Notzen ass.

Fir all dës opgezielte Punkten ze erreechen, muss een also matenee schwätzen. Soss kann ee keng gemeinsam Ziler fannen. Datt et nik einfach ass, gemeinsam Ziler ze fannen, ho mir séier an de Sitzungen mat dem OekoZenter erausfonnt. Heiansdo woren hir Vertrieder stur– a mat äis wor o nik ëmmer ze schwätzen! An trotzdeem kënne mir hei engt super Resultat virweisen – an zwar Handlungspisten, déi d'Ziler vun de Jongbaueren an dem OekoZenter berücksichtigen. Dës Handlungspisten leeë mir eise Politiker an all den Akteuren aus der Landwirtschaft vir. Mir selwer wäerten och eisen Part maachen, a verschidde Pisten am Kader vun eiser gemeinsamer Landwirtschaftsberodung virun entwéckelen.

***Ech soen Iech Merci.***

*40. Anniversaire vun der Landjugend Cliärref*

# Déi ‚Cliärrefer' waren an deene leschte 40 Joer vill um Dill

***Usprooch vum Ronny Turmes, President vun der LLJ – JB&JW Cliärref***



***Här Dechen,***
***Här Buergermeester,***
***Léif Frënn a Sympathisanten***
***van der Lëtzebuerger Landjugend,***

A menger Fonktioun als President van der Landjugend Cliärref ass et fir mich eng ganz grouss Freed an Éier, Eech hokt hei an der Kierch zu Kliärref begrissen ze kannen.

D'Landjugend Cliärref feiert hokt hire 40. Gebuertsdag. 40 Joer sinn eng laang Zäit! Wann ee bei enger Persoun va 40 Joer schwätzt, ass et zimmlich sëcher, dat dann als Äntwert kënnt: Schonn esou al!

Jo, schonn esou al ass d'Landjugend Cliärref an si ass stolz drop! Well mat dem Alter ass et jo bekanntlich esou, wi mat enger gudder Fläsch Wäin. Wat di Fläsch mi al ass, wat se méi wäertvoll, räif an eedel ass.

An esou ähnlich ass et och mat der Landjugend. Duerch di vill Erfahrungen, di am Lof van der Zäit gesammelt goufen – a va Generatioun zu Generatioun wegder giä guffen – ass dat eng Beräicherung an eng Investitioun an d'Zukunft van der Landjugend.

Ee ganz groussen Ënnerscheed zur der Fläsch Wäin gëtt et awer. D'Landjugend wor an deene letzte 40 Joer ganz vill um Dill an huet sich net an engem stëpsische Wäikeller verstoppt. Weil langweilig wor et bei der Lëtzebuerger Landjugend nach ni!

## Vill trei an engagiert Memberen

Sou dat d'Landjugend ëmmer va junke Lekt geleet gouf an sech op vill trei an engagiert Memberen – di grisstendeels aus dem Klierrefer Kanton stammen – verloosse konnt. An dëser Zäitspan stécht:

- vill Fräizait, vill Aarbecht, vill Asaz fir d'Allgemenheet,
- vill mateneen erliäwen, matenee laachen an och matenee streiden,
- vill plangen, vill léieren an villes realisiren.

Op di genau Enstehungsgeschicht van der Landjugend Cliärref ginn ech hei net am Detail an. Hei sëtze Lekt, di dat vill besser erziäle kannen, wi ech. Si waren deemols –den 11. Oktober 1971 an der Grënnungsversammlung zu Lellgen dobäi. Ech wär frou, wann si eis do uawen an der Hall e bëssen dovanner erziäle kinnten. Merci datt dir hokt hei sedd fir mat eis ze feieren.

Mir soen awer och all deene kierchliche Vertrieder, den Aumônieren, de Pastier an den Schwëstere Merci. Si hann eis an all deene Joren begleet an hatten ëmmer engt oppent Ouer fir eis Uleies. Ouni hir Initiativ wär d'Landjugend deemols net gegrënnt ginn.

Ech wënschen Eech all ee schéinen a gemittlichen Dag hei zu Kliärref – an eiser Landjugendgrupp nach ganz vill Joeren dobäi. Ech soen Eech Merci!



*Vill Memberen an Ancienen vun der Landjugend Cliärref waren de 4. Dezember 2011 um Rendez-vous, fir e puer sympathesch Stonnen am Kader vum 40. Anniversaire mateeneen ze verbréngen*

*Lëtzebuerger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer*

# Eis Generalversammlungen 2012 op ee Bléck

## Regional Gruppen

| | | | |
|---|---|---|---|
| LLJ – JB&JW **Süden** a.s.b.l. | 27. Januar 2012 | Sall vun der 'Union des bons amis' | Bireng (Diddeleng) |
| LLJ – JB&JW **Dikkrich** a.s.b.l. | 25. Februar 2012 | Convis-Gebai | Ettelbréck |
| LLJ – JB&JW **Uewersauer** a.s.b.l. | 3. Mäerz 2012 | Café 'Op der Féitscht' | Allerbuer |
| LLJ – JB&JW **Furen** a.s.b.l. | 9. Mäerz 2012 | Bau | Furen |
| LLJ – JB&JW **Maacher** a.s.b.l. | 10. Mäerz 2012 | Café du Commerce | Rouspert |
| LLJ – JB&JW **Zenter** a.s.b.l. | 23. Mäerz 2012 | Café 'Um Wier' | Useldéng |
| LLJ – JB&JW **Cliärref** a.s.b.l. | 30. Mäerz 2012 | Sall | Eeselbuer |

## National Associatiounen

| | | | |
|---|---|---|---|
| Lëtzebuerger Landjugend a.s.b.l. | 4. Mee 2012 | Festsall vum LTA | Ettelbréck |
| Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer a.s.b.l. | 4. Mee 2012 | Festsall vum LTA | Ettelbréck |
| Lëtzebuerger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer a.s.b.l. | 4. Mee 2012 | Festsall vum LTA | Ettelbréck |

## ONG

| | | | |
|---|---|---|---|
| Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer – Service Coopération a.s.b.l. | 27 Mäerz 2012 | Centre Convict | Lëtzebuerg |

# Diskretion statt Transparenz

*Immer mehr afrikanische Länder locken mit Steuerparadiesen*

Mauritius, Dschibuti und die Seychellen schützen ausländisches Kapital vor neugierigen Steuerbehörden. Fremde Reedereien schicken ihre Flotten häufig unter liberianischer Billigflagge über die Meere. Einschlägige Finanzkreise schätzen das kleine Botswana als „afrikanische Schweiz", und in Kenia denkt man über die Einrichtung eines „Nairobi International Financial Centre".nach.

Aktivisten sind angesichts der in Afrika immer zahlreicher angebotenen Steuerparadiese alarmiert. Sie vermissen in den 50 genannten Finanzzentren, in denen sich ausländisches Schwarzgeld und Fluchtkapital zu besten Konditionen bunkern lässt, jegliche Transparenz und fordern gerechte Steuersysteme. „Hier herrscht ein gesamtafrikanischer Handlungsbedarf", erklärte Alvin Mosioma, Koordinator des Netzwerks, „Steuergerechtigkeit für Afrika". Die Organisation setzt sich für gerechte Steuersysteme ein, die die wirtschaftliche und soziale Entwicklung voran bringen sollen.

„Die Afrikanische Union hat zwar ein besonderes Gremium zur Kontrolle illegaler Kapitalströme eingerichtet, dem auch Südafrikas früherer Staatspräsident Thabo Mbeki angehört, und auch die Konferenz des Forums afrikanischer Steuerverwaltungen von 2008 war ein viel versprechender Anfang. Doch zum Problem mangelnder Transparenz von Finanztransaktionen haben die Afrikaner zu lange geschwiegen", kritisierte Mosioma. „Die Befürworter von Steuerparadiesen behaupten, mit diesen Finanzzentren lasse sich der afrikanische Finanzsektor modernisieren und seine Verwaltung vereinfachen."

Der schädliche Einfluss dieser so genannten sicheren Häfen für Fluchtkapital und Schwarzgeld ist hinreichend dokumentiert. So haben erst kürzlich Nachforschungen ergeben, dass Jahr für Jahr Milliarden US-Dollar aus armen Ländern auf den britischen Kanalinseln oder in der Karibik auf geheimen Bankkonten landen. Diese Entwicklung geht auch an Afrika nicht vorbei. So etwa beobachtet man Kenias Sonderwirtschaftszonen mit ihren günstigen Steuerangeboten für Telekommunikationskonzerne und Banktransaktionen mit zunehmender Besorgnis.

„In afrikanischen Ländern, deren Wirtschaft hauptsächlich vom Export von Rohstoffen abhängig ist, steigert die Einrichtung von Steuerparadiesen die Ausbeutung dieser Ressourcen ins Unermessliche", warnte der Analyst Nicholas Shaxson. „Nigeria beispielsweise kassiert Milliarden an Öldollars. Die Bevölkerung profitiert nicht davon. Im Gegenteil: Die Inflation wird in die Höhe getrieben und die Exporte einheimischer Wirtschaftsbereiche, die Arbeitsplätze schaffen, erschwert", berichtete er.

*Brennpunkt Drëtt Welt Nr. 264 / 2011*

*Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer – Service Coopération a.s.b.l.*

# Ënnerstëtzung vun eiser Kooperatiounsaarbecht an Afrika

De Familljen vun de Verstuerwenen ***Madame Maria Jans-Didier*** vun Ell, ***Madame Pauline Etringer-Mangen*** vu Wecker an ***Här Jean Anen*** vu Rulljen dréckt de Verwaltungsrot vun der ONG säi chrëschtlecht Bäileed aus.

D'Familljen hunn an hirer déiwer Trauer duerch hir generéis Donen en Zeeche vun Hoffnung fir aarm Bauerefamilljen an Afrika gesat.